

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling (par M. Niki Bettendorf), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener; M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5121 iwwert déi Lëtzebuerger Participatioun u verschiddenen internationale Fongen. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

## 7. 5121 - Projet de loi relatif à la participation du Grand-Duché de Luxembourg - à la 13<sup>e</sup> reconstitution des ressources de l'Association Internationale de Développement - à la 3<sup>e</sup> reconstitution des ressources du Fonds pour l'Environnement Mondial - à la 6<sup>e</sup> reconstitution des ressources du Fonds International de Développement Agricole

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter dem leschte Krich ass Lëtzebuerg Member vun ëmmer méi internationalen Entwécklungshëlleforganisatiounen ginn. Aus esou enger Memberschaft ergi sech, ausser moraleschen an administrative Flichten, virun allem awer där, déi éischter finanzieller Natur sinn. Duerch méi oder manner regelméisseg zousätzlech finanziell Engagementer maachen se sech awer och an eisem Budget bemierkbar. Fir elo awer d'Fro ze beäntwerte firwat, muss een als Erklärung dat heite soen.

Dës Finanzorganisatiounen, wou d'Suen hifléissen, ginn deenen aarme Länner prioritär Präten ouni Zënzen. Dës Prêté ginn awer eréischt no 40 oder 50 Joer zréck-bezueelt. Doduerjer hält logescherweis selbstverständlech och d'Verméige vun deenen Organisatiounen of. Fir datt elo awer dës Organisatiounen weiderschaffe kënnen, muss vun deene méi räiche Länner oder vun deene méi räiche Memberstaaten regelméisseg Kapital opgestockt ginn. Genée dës Opstockung vum Kapital vun dräi internationalen Organisatiounen ass den Objet vun deemem Projet de loi.

Déi éischt Organisatioun, där mer duerch dese Projet de loi Sue wëlle ginn, fir dass se hiert Kapital erëm rekonstituéiere kann, ass d'Association Internationale de Développement. Se gouf 1960 gegrënnt a

véier Joer méi spéit huet d'Lëtzebuerger Chamber de Baitrëtt vum Grand-Duché zougestëmmt. Dës Organisatioun ass primär zoustänneg géint d'Aarmutt. Dës Länner hunn en Duerchschnittsakommes vu pro Kapp a pro Joer vum 875 Dollar. Dës Kreditter sollen ënner anerem Investitiounsprojeten an dese Länner finanzéieren, déi direkt d'Liewensbedingung vum de Leit déi do wunne betreffen. Heifir ginn ongeféier 80% vun dese Finanzmëttel genotzt an 20% dovun si virgesi fir bei Naturkatastrophen ze hëllefen. Se ginn dofir zur Verfügung gestallt.

Duerch déi sou genannten 13. Reconstitution des ressources sollen déi finanziell Ressourcen vun der Associatioun ëm insgesamt 18 Milliarden DTS, dat heescht Droits de tirage spéciaux, opgestockt ginn. Déi räich Memberstate müssen 10,02 Milliarde vun deenen Droits de tirage droen. De Rescht kënn vu Reserven oder aneren Einnahmen, déi d'Associatioun huet. D'Part vu Lëtzebuerg ass elei op 0,1% festgeluecht ginn, wat dann 10,2 Milliounen DTSe sinn, déi zu engem festgeluechte Cours vun 1,43546 Euro gerechent ginn. Déi vu Lëtzebuerg geschëllten Zomm beleeft sech ëmgerechent op genee 14.380.000 Euroen. Dës Sue sinn allerdéngs net beieneen ze bezuelen, mä ginn op sechs Joer, nämlech vun 2003 op 2008 opgedeelt. An der Praxis gesäit dat esou aus, datt de Stat dofir Bons du trésor ausstellt, déi dann herno vun der Associatioun ageleest ginn.

Eng weider Organisatioun ass de Fonds pour l'Environnement mondial, deem Lëtzebuerg säit 1995 zougehéiert. Dese Fong ënnerstëtzt neiaarteg Aktivitéiten am Beräich vu weltwäitem Ëmweltschutz, virausgesat datt se nohaltig Auswierkungen hunn, wéi zum Beispill de Kampf géint d'Reduzéierung vun der Ozonschicht, de Klimawandel, d'Reduktioun vum Treibhauseffekt, d'Erhale vun der biologescher Vielfalt an de Schutz vun internationale Gewässer. D'Verwaltung an d'Sekretariat vun deemem Fong leien an den Hänn vun der Weltbank.

Duerch déi 3. Reconstitution vun de Ressourcen sollen den Fonds pour l'Environnement mondial insgesamt 2,92 Milliarden US-Dollar zougestane ginn. Lëtzebuerg dréit mat 5,73 Milliounen Euro säin Deel dozou bäi. Och an deem Fall gëtt de Stat Bons du trésor eraus, déi vum Fong iwwert zéng Joer verspreet ageleest ginn. Et ass vläicht nach heizou ze soen, datt wann een den eigentleche Part vu Lëtzebuerg un deser Organisatioun kuckt, Lëtzebuerg u sech hätt misse manner Sue bezuelen, mä et ass e gewëssene Beitragsminimum festgesat ginn, an dee bréngt dann och d'Héicht vun der Lëtzebuerger Cotisatioun mat sech.

Schlussendlech als drëtten, de Fonds international du développement agricole. Dese Fong ass als Resultat vun der Welternährungskonferenz vun 1974 als Spezialagence vun der UNO 1979 gegrënnt ginn. Dese Fong ass haaptsächlech do fir Aarmuttsbekämpfungsprogrammer am landwirtschaftleche Beräich an den Entwécklungslänner ze betreien, an dat haaptsächlech an Afrika, Latäinamerika, der Karibik an Asien.

Un der 6. Reconstitution vun de finanziellen Ressourcen vum Fonds international du développement agricole bedeelegt sech Lëtzebuerg mat 510.000 Euro. Am Verglach zur leschter, där 5. Reconstitution, ass dat e Plus vun 32%. Och elei geet et iwwer Bons du trésor, déi de Stat erausgëtt, an dat iwwer dräi Joer verspreet, dat heescht 2004, 2005 an 2006.

D'Ziler vun deenen dräi Organisatiounen si méi oder manner, kann ee soen, identesch mat der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik. Et sinn dat nämlech d'Konzentratioun vun der Hëllef op déi aarmste Staaten an op hir wirtschaftlech Entwécklung, mat Schwéierpunkt

op d'nohaltig Entwécklung. Ech erënneren drun an deem Kontext, datt Lëtzebuerg eent vu weltwäit fënnf Länner ass, déi d'UNO-Zil vun der Bereitstellung vu Gelder fir öffentlech Kooperatiounsarbecht erfüllen. Déi vum Projet de loi virgesinne Beitrag zu deenen dräi Associatiounen gehéiere selbstverständlech an dese Kontext. Wann een elo d'Zommen zesummenzielt, déi mat deemem Projet de loi deenen dräi internationalen Entwécklungsorganisatiounen zougestane ginn, da kënn een op e sécherlech stolze Betrag vun 20,62 Milliounen Euro. Am nächste Budgetsjoer, dat heescht fir 2004, sinn do 3.367.275 Euro fälleg.

Ausser enger redaktioneller Ëmännerung am Intitulé hat de Statsrot u sech keng Objectionen zu deemem Projet. Och an der Finanzkommission war d'Behandlung onproblematesch. Nodeems mir hei an der Finanzkommission en unanimité positive Vote zum Rapport geholl hunn, bieden ech selbstverständlech och d'Chamber dese Gesetzesprojet an där virleiender Form ze stëmmen.

Iech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech da merci soe fir d'Nolauschteren. Ech wëll awer och nach den Accord vu menger Fraktioun, vun der CSV, bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

#### Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, no deem Rapport vum Rapporteur bréngen ech nach just den Accord. Ech mengen d'Duerstellung war esou gutt, dass ech näischt méi brauch hinzuzefügen.

#### (Interruptions)

M. le Président.- Den Här Graas huet d'Wuert.

#### (Interruptions et hilarité)

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Ech kann och op d'Bühn goen an nach e bësse méi laang schwätzen, wéi ech souwisou wëlles hat.

#### (Interruptions et hilarité)

Här President...

Une voix.- Et ass net un Iech!

#### (Hilarité)

M. le Président.- Et ass net um Här Urbany. Den Här Graas huet d'Wuert.

#### (Interruption)

Neen, den Här Graas huet sech aschreiwe gelooss an dann huet hien d'Wuert elo. Et geet der Rei no.

#### (Interruption et coups de cloche de la Présidence)

Also, Här Graas, fänkt u wann ech glift an déi aner sollen nolauschteren.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, och wann dese Projet vläicht net déi ganz grouss politesch Bedeitung huet an net Interessen ervirriift, sou däerf een awer trotzdem net vergiessen, datt en awer eng gewëssen Importenz huet, well schlussendlech gi jo awer bis d'Joer 2012 20,6 Milliounen Euro investéiert. Ech mengen och, datt déi finanziell Situatioun vun eisem Land, déi jo awer ouni Zweifel am Kontext vis-à-vis vun deenen anere Länner gekuckt, nach ëmmer excellent ass, verlaangt, datt mir och Responsabilitéit iwwerhuele vis-à-vis vu Länner, déi vill méi eng défavorabel Situatioun hunn. An dofir ass et jo och luewenswäert, datt dës Regierung als Zil huet 1% vum PIB als Entwécklungshëllef ze ginn.

D'AID, also d'Association Internationale de Développement huet jo als Zil, och deenen Aarmsten ze hëllefen an do däerf een net vergiessen, datt dat jo awer méi wéi d'Halschent vun der Weltbevölkerung duerstellt. Besonnesch och de Fonds pour l'Environnement mondial, dee jo 1991 geschafegouf an deem mir duerch d'Gesetz 1997 bäigetruede sinn, huet awer eng ganz grouss Bedeitung. Et däerf ee jo awer net vergiessen, datt et hei ëm Problemer vun enger planetarescher Dimensioun geet, well et geet jo nach dorëm, wéi de Rapporteur dat jo hei schonn ënnerstrach huet, fir Moossnamen ze treffen géint Problemer vun dem Ozon, géint den Treibhauseffekt a virun allem awer och géint d'Verschmutzung vun internationale Gewässer.

Grad um Niveau vum Ëmweltschutz hu mer jo leider awer eng grouss Palett vu Problemer, esou datt et och ubruecht ass fir hei zousätzlech Kreditter nach zur Verfügung ze stellen. Ech wëll drun erënneren, datt dese Fong 777 Milliounen Dollar an iwwer 150 Projekte investéiert fir eng nohaltig Bewirtschaftung vun de Bëscher op der Welt ze erreechen an d'Zillänner sinn do virun allem China, Costa Rica a Brasilien. An dann däerf een och net vergiessen, dass an den 90er Joren ëmmerhin 90 Milliounen Hektar Bësch verschwonne sinn, dat maachen 25.000 Hektar den Dag. Ech mengen dat sinn also Chifferen, déi een net einfach esou kann iwwergoen. Am Ganzen huet dee Fong bis elo 4,5 Milliarden Dollar an 1.200 Projekte gestach, déi an 140 Länner duerchgezu goufen. Doniewent kommen awer och nach Finanzementer fir d'ONGen an Héicht vun 115 Milliounen Dollar.

Ech wëll dann och nach drop hiweisen, datt elo kierzlech zu Havanna decidéiert ginn ass, datt u sech d'Konventioun géint d'Verwüstung iwwert dee Fong och hei soll ëmgasat ginn, an dat heescht, datt an de Joren zwëschen 2003 an 2006 net manner wéi 500 Milliounen Dollar sollen investéiert ginn. Hei sinn och d'Zilgebiddere Kenia, China a Latäinamerika. Wéi gesot, dee Projet hei huet also scho seng Bedeitung a vu datt d'Demokratesch Partei jo och dofir bekannt ass, datt se besonneschen Akzent vun hirer Politik op d'Entwécklungshëllef leet, ass et evident, datt mir deemem Projet zoustëmmen. Ech wëll awer och nach dem Kollege Lucien Clement merci soe fir seng schrëftlech a mëndlech Erklärungen. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Serge Urbany huet d'Wuert.

Une voix.- Très bien!

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Här President, merci dass ech d'Wuert kréien. Et gesäit esou aus, wéi wann dee Projet hei geduecht wier fir zënslous Kreditter deenen aarmste Länner vun der Welt zur Verfügung ze stellen. Dat ass zwar wouer an engem gewëssene Sënn, an engem anere Sënn ass et awer och wouer, dass mat deene Kreditter och eng ekonomesch Politik verfollegt gëtt.

Et steet ganz kloer am Exposé des motifs dran, dass et och ëm d'Restructuration économique vun deene Länner geet, an aus Erfahrung weess een, dass déi Restructuration économique, besonnesch wa se ënner Virzeeche leeft vun der Weltbank, an d'AID, déi Association Internationale de Développement ass eng Filial nun ebe vun der Weltbank - an zwar déi wichtegst -, da weess een, dass et ganz dacks och dozou féiert ze destrukturéieren. An zwar gëtt deelweis d'Ekonomie vun deene Länner och destrukturéiert, wat d'Aarmutt verschäerft a wat et erëm eng kéier noutwendeg mécht, dass d'Entwécklungshëllef sech asetzt fir deenen Aarmsten an deene Länner ze hëllefen. Dat ass also en

zimlech widderspréngleche Mechanismus, deen do agefouert gëtt.

Ech stëmmen net dergéint. Ech si selbstverständlech net dergéint, dass aarm Länner sollen zënslous Kreditter kréien, mä ech wäert mech enthalte fir op déi Kontradiktioun hinzewee vun där ganzer internationaler Konstruktioun vun der Entwécklungshëllef.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Minister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur, dem honorablen Här Clement merci fir säin detailléierte Rapport. Ech soen och merci fir déi breet Zoustëmmung, déi dese Projet an der Chamber kritt. Dëst ass wierklech e groussen Akt vu Solidaritéit, dee Lëtzebuerg weist mat ville Länner an der Welt via internationalen Organisatiounen, wéi d'Weltbank.

Ech weise schäerfstens déi Kritik un Organisatiounen wéi der Weltbank zréck. D'Weltbank ass eng Entwécklungsbank - dat Wuert Bank ergëtt en Ausdrock, deen net alles reflektéiert. Dat ass eng Bank, déi hëlleft aarme Länner duerch Programmer zu engem besseren Entwécklungsstadium ze kommen, an ech hu selwer als lëtzebuergesche Gouverneur vun der Weltbank d'Realisatioun um Terrain vun enger Rei vun deene Projekte gesinn. Deene Länner geet et haut besser, well se vun der Weltbank gehollef kritt hunn an et ass dofir gutt an noutwendeg, datt Lëtzebuerg als ee vu ville Membere vun der Weltbank hei senger Responsabilitéit nokënn an dofir soen ech merci fir d'Zoustëmmung déi dese Gesetzesprojet fënn.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet 5121 a stëmmen driwwer of.

### Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also elo of iwwert de virleiende Gesetzesprojet.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Norbert Hauptert);*

*Mme Simone Beissel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer) et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry (par Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*



MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Dagmar Reuter-Angelsberg.

*Se sont abstenus:* Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum leschte Projet. Dat ass e Second vote constitutionnel vum Projet de loi 4863A iwwert d'Etablissements classés. De 16. Juli 2003 huet d'Chamber iwwert dëse Projet de loi ofgestëmmt. A senger Sitzung vum 18. Juli 2003 huet de Statsrot dës Dispens refuséiert an d'Motiver a sengem Bréif vum 9. September 2003 duergeluecht. Esou wéi et am Artikel 73 vum Chamberreglement festgehalen ass mussen tëschent dem éischte Vote an dem Second vote constitutionnel mindestens dräi Méint leien.

Da gi mer elo d'Wuert un de Rapporteur vum Projet de loi, dat ass den honorabelen Här Emile Calmes.

**8. 4863A - Projet de loi modifiant la loi du 10 juin 1999 relative aux établissements classés**

**Rapport de la Commission de l'Environnement**

M. Emile Calmes (DP), *rapporteur*.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech wollt just kuerz soen, ëm wat datt et bei deem Gesetz hei geet. Et geet virun allem ëm d'Ëmsetze vun enger europäescher Direktiv, der sou genannter IPPC-Direktiv. Dat ass déi Direktiv - op Franséisch ausgedréckt – «relative à la prévention et à la réduction intégrées de la pollution». Déi Direktiv soll u sech e generelle Kader setze fir eng europäesch Kommodosprozedur, an dat virun allem fir gréisser industriell Betriber. Fir Lëtzebuerg sollen et anscheinend ëm déi 30 Betriber sinn, déi ënnert déi Direktiv géife falen.

Déi Direktiv ass aus dem Joer 1996 an hätt eigentlech solle bis den 30. Oktober 1999 ëmgesat ginn. Déi lescht Regierung hat och gemengt, si hätt dat gemaach mam Gesetz vum 10. Juni 1999. Et war dat eent vun den Haaptobjektiver vun der Ëmännerung vun dem sou genannte Kommodosgesetz. Dësem Gesetz war e Reglement annexéiert, wat Prezisiounen zu där Direktiv sollt bréngen. Allerdéngs ass dat der Europäescher Kommissioun net wäit genuch gaangen, a sou ass Lëtzebuerg de 24. Februar 2000 en demeure gesat ginn.

De Statsrot war der Meenung, datt déi Direktiv u sech hätt missen ëmgesat gi si mat dem Gesetz vum 1999 an huet duerfir de 14. Juli 2000 gemengt, et sollt ee vun deem Reglement ofgesinn. Dat huet d'EU-Kommissioun awer erëm eng Kéier op d'Tapéit bruecht a se huet eis en Avis motivé zoukomme gelooss am Februar vum Joer 2001.

Du war et déi heiteg Regierung, déi ënner Zuchzwang war. Si huet de Projet de loi 4863 deponéiert a versicht iwwert den Artikel 8.3 eng legislativ Basis ze schafen, fir déi Direktiv kënne komplett ëmzesetzen. Mä och dat huet de Statsrot nach net zefridde gestallt.

A sengem Avis vum 10. Dezember vum leschte Joer huet en eng Opposition formelle zu dësem Artikel 8.3 gemaach a gemengt, datt net iwwer Reglementer kënnt versicht ginn ze reglementéieren, dat misst

waméiglech iwwer Gesetz gemaach ginn. Doropshin huet d'Ëmweltkommissioun en Amendement erabruecht an deem Sënn, datt déi Dispositionen, déi am Reglement op Grond vun dem Artikel 8.3 sollten ëmgesat ginn direkt an den Artikel 13bis erageschriwwen géife ginn, fir domat déi Rechts-sécherheet erbäizeféieren, déi vum Statsrot verlaangt gouf. Zudeem huet de Statsrot eng Opposition formelle erabruecht, an zwar a sengem Avis vum 3. Juni vum dësem Joer, wou e seet, datt dësen Artikel géint de Prinzip vun der Gläichheet virum Recht géif verstoussen an och géif d'Handels- an d'industriell Fräiheet violéieren. Mir hunn dat anescht gesinn. An dem Rapport kënnt Der liesen, firwat datt dat esou ass.

Iwwerdeems de Statsrot Oppositions formelles a sengen Avisen geschriwwen huet, ass Lëtzebuerg virun d'Cour de Justice européenne zitéiert ginn, well mer déi virgenannt Direktiv nach net ëmgesat haten. Mir si schlussendlech verklot ginn, an dofir verstitt Der, datt d'Ëmweltkommissioun där Saach huet missen en Enn setzen, fir aus deem Dilemma erauszekommen. Esou si mer den 10. Juli hei an d'Chamber komm, fir lech ze proposéieren an engem éischte Vote dem Gesetz mat dem Artikel 13bis, wou d'Opposition formelle vum Statsrot bestanen huet, Ären Accord ze ginn.

Et ass och dunn esou komm, wéi de Statsrot dat annoncéiert hat. En huet den 18. Juli eis net vum zweete Vote dispenséiert an dofir sti mer u sech haut hei, dräi Méint nodeem mer de Bescheed kritt hunn, fir nach eemol iwwert dat Gesetz ofzestëmmen. Ech géif ech lech bidden an engem zweete Vote dësem Gesetz Ären Accord ze ginn.

Ech mengersäits bréngen am Numm vun der demokratescher Fraktioun eisen Accord a soe merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Marco Schank agedroen. Den Här Schank huet d'Wuert.

**Discussion générale**

M. Marco Schank (CSV).- Här President, ech wollt am Numm vu menger Fraktioun dem honorable Kolleeg Emile Calmes merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport complémentaire zu dësem Gesetz. Hien huet och un déi dräi Oppositions formelles erënnert am Kader vum Avis complémentaire vum Statsrot vum 3. Juni.

Meng Fraktioun huet d'Meenung vun der Majoritéit vun der Chamberkommissioun vun deemools gedeelt, fir där Opposition formelle net Rechnung ze droen, an domat ass en zweete Vote noutwendeg ginn.

Zum Schluss wollt ech am Numm vu menger Fraktioun eisen Accord zu dësem Gesetz bréngen.

Merci.

M. le Président.- Den Här Alex Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech mengen et ass net en alldeegleche Virgang, glécklecherweis, dee mer hei notéieren, wou d'Chamber no engem Reflexiouns-délai vun dräi Méint an engem zweete Vote nach eng Kéier op e Gesetzesprojet zrëckkënn. Et ass trotzdem der Méi wäert, dass ee sech nach kuerz eng Kéier mam Fong vun der Problematik ofgëtt. De Rapporteur huet dat och gemaach.

Hei ass eng Opposition formelle vum Statsrot formuléiert ginn an engem Domän, wou de Statsrot eigentlech sech trei bliwwen ass, wann ech dat däerf esou soen, well de Statsrot déi doten Thees scho vertratt huet bei deene sëllege Reforme vum Kommodosgesetz, a

fir d'leschte Kéier 1999, wou mer déi lescht grouss Ofännerung vun eise Gesetz iwwert d'Etablissements classés an der Chamber gestëmmt hunn. Et war zum Schluss vun der leschter Legislaturperiod.

Et geet ganz kloer ëm eng wichteg Fro, wou ee mierkt, dass d'Wirtschaft hannendrun dréckt. Et sinn am Fong d'Interesse vun der Wirtschaft, déi sech an där Stellung-nah vum Statsrot dach awer tëschent den Zeilen erëmspigelen. Et geet ëm d'Fro awéiwäit den Ëmweltminister respektiv den Aarbechtsminister an hire Kompetenzen kënnen de Betriber spezifesch Oplage maachen am Ëmweltschutz, am Aarbechtsschutz, wa keng Reglementer bestinn, déi allgemeng Norme festleeën. Eng Verwaltung kann dohinner goen a spezifesch Oplage fir e Betrib maachen.

De Statsrot seet neen. Hie wëllt souwisoou nëmmen de Minimum maachen. Hie wëllt ëmmer nëmmen déi Betriber, wou an europäeschen Texter virgeschriwwen gëtt, dass mussen Impaktstudie gemaach ginn, dass mussen Oplage gemaach ginn. Déi wëllt e just ënnert de Beräich vun Etablissements classés classe 1 erakréien, an all déi aner, seet en, do däerfen d'Ministeren näischt festleeën, et sief, dass iwwer Reglement allgemeng gültig Norme bestinn, déi sech dann natierlech och fir déi Betriber applizéieren.

De Statsrot ass sech trei bliwwen a senger Argumentatioun, mä si ass falsch, an ech soen hei dat, wat ech als Ëmweltminister bei der Debatte vun 1999 gesot hunn. Ech stellen awer fest, dass verschidde Parteien hir Meenung entre-temps geännert hunn. D'Demokratesch Partei hat 1999, wéi mer iwwert déiselwecht Froen diskutéiert hunn, zu 100% d'Argumentatioun vum Statsrot iwwerholl. Ech wëll hei net zitéieren, wat deemools den Här Calmes, et war deeselwechte wéi haut, gesot hat zu deem Thema, wou e gewarnt hat virun enger grousser Rechtsensécherheet.

Genau dat mécht de Statsrot a sengem Avis dës Kéier, do wou den Här Calmes gewarnt hat, dass d'Texter ze onprezis wäeren an et wär einfach inacceptabel, sou hat den Här Calmes deemools gesot a seet et haut awer net méi, dass Willkür géif herrsche bei der Ëmweltverwaltung haaptsächlech. Si kéinten eigentlech de Betriber Oplage maachen, obwuel keng Norme virgeschriwwen wäeren.

An de leschte véier Joer si keng Norme virgeschriwwen gi bei den Emissiounen. Et si keng Texter do. De Problem stellt sech also haut d'selwecht wéi 1999, awer ech stelle fest, dass de Rapporteur vun haut, deen de mandatéierte Spriecher vun deemools war, haut just de Contraire behaupt vun deem, wat e virun e puer Joer gesot hat. Awer deemools louch den Här Calmes falsch, haut läit e richtig, an dofir wäerte mer haut mat Jo stëmmen.

M. le Président.- Den Här Gast Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Ech wëll just rappeléieren, datt mir beim éischte Vote eis als Fraktioun enthalen haten, well eng Rei vun Dispositionen an deem Gesetz waren, déi eis keng Satisfaktioun ginn haten. Well mer als Partei bekannt sinn, datt mer ëmmer konsequent op eise Wee bleiwen, ass et eng Selbstverständlechkeet, datt mer eis haut enthalen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo nach den Här Camille Gira.

M. Camille Gira (DÉ GRÉNG).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, och ech hunn en long et eng lange beim éischte Vote erkläert, firwat mer dëst Gesetz net géife stëmmen. D'Gesetz huet sech an Tëschenzäit net verbessert. Mir hunn déi ganz Problematik mat de Stroossen a mat aneren Infrastrukturen nach ëmmer net am Grëff, och wann elo e Projet de loi déposéiert ass.

Och mir sinn eis konsequent a wäerten dëst Gesetz net stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Eugène Berger.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech wëllt och dem Rapporteur merci soe fir säin Zousazbericht.

Et ass effektiv keng üblech Prozedur, datt een e Gesetzesprojet zweemol an der Chamber votéiert a sech iwwert eng Opposition formelle vum Statsrot ewechsetzt. Et sinn och schonn Erklärungen gi ginn, firwat een dat huet misse maachen. Ech ginn also net méi op den Historik an.

Et ass esou, dass am Gesetz vum 1999 eng Direktiv net integral ëmgesat gi war, an dofir nogebessert huet misse ginn. An et ass esou, datt d'Kommissioun...

**(Interruptions)**

Här President, hunn ech d'Wuert?

**(Assentiment)**

...gesot huet, datt fir eng Rei spezifesch Betriber misst spezifesch Konditiounen an d'Autorisatiounen gesat ginn, an dat misst explizit am Gesetz och stoen.

D'Kommissioun hat déi éischte Kéier proposéiert, fir dat iwwer Reglementer ze maachen. Do huet de Statsrot nee gesot, dat sollt an de Corps de la loi ageschriwwen ginn. Dat huet d'Kommissioun gemaach. Duerno huet de Statsrot gesot, neen, huelt et ganz aus dem Text eraus.

Du si mer a Schwieregkeete komm mat der Kommissioun vu Bréissel, déi awer gären deen Text an eise Gesetz hätt. Dofir war déi Mise en demeure. Mir si schlussendlech zur Konkusioun komm, datt mer einfach den Text vun der Direktiv sollten huelen.

Den Artikel 13bis ass den Text vun der Direktiv, dee mer tel quel an eis Gesetzgebung ëmsetzen. De Statsrot huet am Fong eng Opposition formelle op en Text vun enger Direktiv gemaach.

Ech wëll net méi op déi verschidden Argumenten agoen, mä einfach just soen, datt eng gewësse Confusioun vläicht beim Statsrot virläit, eng Confusioun zwëschent dem Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc an der Exekutioun vun engem Gesetz bei enger Décision individuelle. Et ass op alle Fall esou, datt mer deen Artikel 13bis am Gesetz wäerten hunn, wann d'Chamber dat elo stëmmt.

Virun allem ass et wichteg, datt mer schlussendlech déi Direktiv kënnen integral ëmsetzen. Mer sollen och net vergiessen, datt hei eng gewëssen Urgence ass, well mer an enger Prozedur si vun Avis motivé. Am Dezember hätt sollen eng Saisine sinn, an ech ka soen, datt mer mat deem heiten Text dat wäerten évitéieren.

Mir wäerte muer en E-Mail op Bréissel schécke fir ze soen, datt dat gestëmmt ass, an déi ganz Prozedur wäert dann ophalen. Et gëtt da vun der Kommissioun considéiert, datt mer déi Direktiv integral ëmgesat hunn. Dat ass ganz wichteg.

Dat gesot, wëllt ech der Majoritéit vun der Chamber, déi dësen Text elo wäert stëmmen, merci soe fir hiren Accord.

M. le Président.- D'Diskusioun vum Projet de loi ass ofgeschloss.

Dir Damen an Dir Hären, mir maachen den zweete Vote constitutionnel vum virleiende Projet de loi.

**Second vote constitutionnel**

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4863A ass ugeholl mat 45 Jo-Stëmmen, 5 Nee-Stëmmen an 8 Abstentionen.

*Ont voté oui:* Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Sten-debach, Nicolas Strotz, Fred Sonnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Marie-Josée Frank);

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer) et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

*Ont voté non:* MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

*Se sont abstenus:* M. Marcel Sauber;

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass en Donneschden, den 23. Oktober, a fänkt mëttes um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.22 heures)**

**Chamber TV**

*weist all  
öffentlech Sëtzung*

**live an integral**

*mat enger  
Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un*